- haut de Mëtteg héiere mer d'Regierungserklärung iwwert d'Aussepolitik;

- muer hu mer eng Orientéierungsdebatt iwwert d'Bedeelegung vun de Frae bei den 99er Walen, an

- iwwermuer hu mer eng Aktualitéitsdebatt iwwert d'Beschäftegungspolitik. Fir béid Debatten ass eng Riedezäit vu 4 Stonne virgesinn.

Ass d'Chamber domat averstanen?

*(Assentiment)*

Et ass also esou décidéiert.

Den Här Krecké huet d'Wuert gefrot.

**M. Jeannot Krecké** *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech faasse mech ganz kuerz. Dir hutt Mentioun gemaach vun de Froen, déi un d'Regierung geriicht ginn.

Mir hunn e Courrier un Iech adresséiert, Här President, wou mer erëm eng Kéier festgestallt hunn, dass eng ganz Rei vu Froe vun de Regierungsmitglieder net beäntwert gi sinn. Ech wëll nach eng Kéier drop hiweisen, dass eist Reglement am Artikel 76, Ofsaz 5 virgesäit, dass déi da kënnen op den Ordre du jour gesat gi vun der Chamber an dann en séance publique musse beäntwert ginn.

Mir verzichten drop, dat haut ze maachen, well mer d'Deklaratioun vun der Ausseministesch hunn, mir hätten awer gär, dass dat nach dës Woch de Fall wier. Dat heescht déi, déi schrëftlech net beäntwert sinn, solle muer oder iwwermuer op den Ordre du jour kommen, fir mëndlech hei hannerfrot ze ginn. Här President, ech soen Iech merci.

**M. le Président.**- Mir wäerten dat veranlassen.

Den Här Alex Bodry freet d'Wuert, fir den Dépôt vun enger Proposition de loi ze maachen.

## 4. Dépôt d'une proposition de loi et d'un projet de loi

**M. Alex Bodry** *(LSAP)*.- Här President, ech hu mer d'Wuert gefrot, fir eng Proposition de loi hei an der Chamber ze deponéieren:

*- Proposition de loi 4642 portant création d'un fonds pour l'énergie*

an zwar dréit déi Propositioun ëm d'Schafung vun engem Energiefong, also engem staatlechen Investitiounsfong, fir d'Energiespueren, erneierbar Energien an d'rationell d'Notzung vun der Energie kënnen an Zukunft méi systematesch ze förderen.

Ech froen Iech, dass, gemäss dem Artikel 59 vun eisem Reglement, dës Proposition de loi géif op den Ordre du jour vun enger nächster Sitzung vun der Chamber kommen, fir dass mer méi am Detail kënnen drop agoen.

**M. le Président.**- D'Chamber hëlt Akt vum Dépôt vun enger Proposition de loi duerch den Här Alex Bodry a leet se virun un déi zoustänneg Kommissioun. Den Här Minister Henri Grethen freet d'Wuert.

**M. Henri Grethen,** *Ministre de l'Economie.*- Här President, ech sinn autoriséiert, fir de

*- Projet de loi 4641 relatif au commerce électronique modifiant le code civil, le nouveau code de procédure civile, le code de commerce, le code pénal et le code d'instruction criminelle et transposant certaines dispositions de la directive 97/7/CEE concernant la vente à distance des biens et des services autres que les services financiers et la directive 93/13/CEE concernant les clauses abusives dans les contrats conclus avec les consommateurs*

hei an der Chamber ze deponéieren.

**M. le Président.**- D'Chamber hëlt Akt vum Dépôt vun engem Projet de loi duerch den Här Minister Grethen a gëtt e weider un déi zoustänneg Kommissioun.

Mir héieren elo d'Deklaratioun vun der Mme Ausseminister iwwert d'Aussepolitik.

D'Mme Ausseminister Lydie Polfer huet d'Wuert.

## 5. Déclaration du Gouvernement sur la politique étrangère

**Mme Lydie Polfer,** *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.*- M. le Président, Mesdames et Messieurs les Députés, soumettre à la réflexion de la Chambre des Députés les orientations de politique étrangère du Gouvernement est un privilège en toutes circonstances. Le faire à l'aube du troisième millénaire, du nouveau siècle, à l'aube d'une nouvelle décennie ou, plus modestement, au début d'une nouvelle législature est un défi que je relève avec détermination et enthousiasme.

Avec détermination, car le Luxembourg a besoin plus que jamais d'une politique étrangère faite de continuité et d'engagement, de solidarité et de responsabilité.

Avec enthousiasme, car je suis consciente que dans notre pays, la politique étrangère tire sa force d'un large consensus national que j'entends approfondir à travers un dialogue suivi avec la Chambre, avec les forces vives du pays et avec nos concitoyens.

Aujourd'hui, tirant bénéfice de la globalisation des connaissances, les Luxembourgeois entendent participer de façon de plus en plus active à la formulation et à la mise en œuvre de notre politique étrangère. Ils le font par leur contribution au débat politique ainsi que par le biais du volontariat en faveur du développement des pays les plus démunis, des opérations de maintien de la paix ou encore de la consolidation des démocraties émergentes. Je me félicite qu'à travers cette participation, souvent des plus jeunes, le consensus national ait pris une dimension plus profonde et plus active.

Notre société prend de plus en plus conscience que l'étroite interrelation entre le devenir de notre pays et les évolutions au-delà de nos frontières affectent désormais directement notre vie quotidienne et que chacun a un rôle